N°5829
Reçue le 28.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 28.02.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

2019 hunn d'Ministeren fir Finanzen an Aarbecht op meng parlamentaresch Fro (n°339) geäntwert, dass 17 vun den 22 privatrechtleche Gesellschaften, an deenen de Lëtzebuerger Staat 25 oder méi Prozent vum Kapital hält an déi de Statut vun enger S.A. hunn, géint d'Gesetz verstoussen, well si keng Membere vum Personal an hire Verwaltungsréit sëtzen hunn. Deemools gouf ugekënnegt, de concernéierte Firmen e Bréif ze schécken, fir si z'invitéieren, sech zäitno dem Gesetz unzepassen.

An der Äntwert vum 18.06.2021 op d'Fro Nummer 4273 hu béid Ministeren erkläert, dass et am Joer 2021 ëmmer nach 16 vun 21 Gesellschafte gëtt, an deenen d'Personal net am Verwaltungsrot representéiert ass an dass "[d]'Courrieren déi op déi geltend Bestëmmunge vun den Artikele L. 426-1 bis L. 426-4 vum Code du Travail opmierksam maachen, [...] am Gaang [sinn] finaliséiert ze ginn".

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wéi ville Firmen hält de Staat aktuell 25 oder méi Prozent vum Kapital? Bei wéi villen dovunner ass e Vertrieder vun der Personaldelegatioun am Verwaltungsrot? Bei wéi engen net?

2. Sinn dës Bréiwer mëttlerweil finaliséiert a fortgeschéckt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

N°5829
Reçue le 28.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Georges Engel op d'parlamentaresch Fro n°5829 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement

Ad. 1

Aktuell hält de Staat bei 27 Betriber mindestens 25% vum Kapital. Bei 13 vun deene 27 Betriber, ass e Vertrieder vun der Personaldelegatioun am Verwaltungsrot.

Ad. 2

D'Courriere sinn an der Tëschenzäit un déi concernéiert Betriber rausgeschéckt ginn.

Lëtzebuerg, de 27. Mäerz 2022

(s.) Georges ENGEL
Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a Sozial- a Solidarwirtschaft